

**PL 6497 mesures fiscales en matière d'impôts directs et indirects**

**Rapporteur – Gilles Roth**

Haerr President,

Dir Dammen an Dir Haerren,

De Staatsminister huet den 5. Mee 2010 hei an der Chamber bei der Regierungserklärung, iwwert d'Laach vun der Natioun gesot:

*Richtig bleiwt, fir d'éischt müssen mier spueren an d'Ausgaben méi niddreg halen. Mee zur Budgetkonsolidéierung gehéiert och d'Recettesäit. D'Ausgaben müssen falen, dat as d'Prioritéit.*

*D'Recetten müssen aus Solidaritéitsgrënn sech no uewen bewegen: dat as leider eng Noutwendegkeet.*

D'Ofbremsen vun dem Wirtschaftsmotor huet eis Staatsfinanzen an iwwert déi leschten Joëren an den Desequilibrium bruecht.

D'Kriis, déi am Joër 2008 iwwert eis agebrach as, huet sech op villen Niveauen bemierkbar gemach: um Arbechtsmaart, an Aktivitéitsberäicher, déi fir eist Land wichteg sinn, an, natierlech um Niveau vun den ëffentlechen Finanzen.

D'Aentwert op dës Kriis konnt an waert duerfir och keng Eenzel oder Isoléiert kënnen sinn.

Si ass vielschichteg.

Eng ganz Reih vun Mesuren sinn schons geholl.

Virun 2 Joër hun mir een eischten Paak vun Steiermoossnahmen gestëmmt, den deemols ronn 230 Milliounen € pro Joër méi an d' Staatskeess bruecht huet.

Dën Gesetzesprojet 6497 deen haut der Chamber virläit, versicht eng weider Aentwert um steierlechen Plang ze ginn.

Dës Moossnahmen goufen zum Deel an der Regierungserklärung zur Laag vun der Natioun Enn Abrëll dës Joër schons ugekënnegt.

Aner goufen bei der Presentatioun vun dem Staatsbudget fir 2013 am Oktober d'ëscht Joër annoncéiert. Schliesslech dréit de Gesetzesprojet enger Reih vun Amendementer zum Budget Rechnung, déi Ufanks November présentéiert goufen.

Insgesamt brengt d'esen ganzen Paack ee Plus un Recetten fir de Staat vun 400 Milliounen € d'Joër.

D'ese Steierpak ass een vun villen Schrëtt fir d'Finanzen vum Staat mëttelfristeg nees an den Equiliber ze brengen.

D' Plus un Steierrecetten, kann een dofir net lassgéléist kucken, vun den néidegen Aspuerungen um Niveau vun den Ausgaben vum Staat.

Aspueermoossnahmen déi schons gemach goufen an daer an Zukunft weider geplangt sinn.

All d'ës Aspuerungen an Steieren dengen kuerz oder mëttelfristeg der Reduktioun vun eisem Staatsdefizit.

Laangfristeg an dorriwwereraus, der Begrenzung an dem Ofbau vun eiser Staatsschuld.

Esouwäit zum finanziellen an wirtschaftlechem Kontext.

Haerr President,

Konkret begräift d'ën Steierpak folgend Punkten.

**Eischtens.** Mat d'ësem Gesetzesprojet féieren mier een neien Spëtzsteiersatz vun 40 Prozent op dem Akommes vun Privatpersounen an.

D'esen Spëtzsteiersatz ersetzt net deen vun 39 Prozent, wéi en haut existéiert.

Et gëtt villméi een zousätzlechen Steiersatz vun 40 Prozent an den Steiertarif agesat.

Den neien Spätzesteiersatz fänkt bei engem besteierbaren Akommes fir d'Stéierklass 1 bei 100.000.-€ pro Joër un, an der Steierklass 2 –also bei enger Koppel- ab 200.000€.

Bei Loun- an Gehaltsempfaenger entsprieche dat -iwwert den Domm gepeilt- engem Bruttomonatsloun vun ronn 10.000€ an der Steierklass 1, an 20.000€ an der Steierklass 2.

Insgesamt soll d'Erhéichjung vun dem Spätzesteiersatz e Plus vun 18,5 Milliounen € pro Steierjoër brengen.

D'Aféierung vun neien Spätzesteiersatz vun 40% bréngt manner zousätzlech Suen an d'Staatskees, wéi d'Erhéichjung vun Spätzesteiersatz vun 38% op 39% vun virun 2 Joër.

Dës huet zanter hier 40 Milliounen€ Mehreinnahmen pro Joër bruecht.

Den Ennerscheid huet ganz einfach domadder ze dinn, dass de neien Spätzesteiersatz erléischt spillt fir dat versteierbart Akommes wat iwwert 100.000€ an der Steierklass 1, respektiv 200.000€ an der Steierklass 2 erausgeht.

Vun 83.600€ bis zu 200.000€ versteierbart Joëresakommes bei enger Koppel gëlt weiderhin den Steiersatz vun 39%.

Nun wéin an wiviel Leit sinn dann elo von dem neien Spätzesteiersatz vun 40% konkret betraff?

Meeschtens sinn Leit aus der Steierklass 2 betraff-wou méi wéi een Revenu am Stoot ass.

Gekuckt op d'Joër 2012, daerften ronn 12.350 Stéit -meeschtens Koppelen- een versteierbart Akommes vun iwwert 200.000€ hun. Dat sinn ronn 10.200

Residenten –also Leit déi hei am Land wunnen, an 2.150 Nëtresidenten, déi awer hei am Land Steieren bezuelen.

Derzou kommen déi Leit an der Steierklass 1, déi méi ewéi 100.000€ versteierbar Joëresakommes hun.

De Spëtzsteiersatz gëtt ab dem 1. Januar 2013 beim Ausbezuelen vun de Gehälter an de Léin applizéiert. D'Lounsteier gëtt bekanntlech direkt abehalen, an dann an d'Staatskeess ofgefouert gëtt.

Bei denen aneren Akommeszorten wéi zum Beispill de Revenuen vun Fräiberuffler, Loyeren, gëtt éischt am Kader vun der Steiererklärung ofgerechent, an doduerch ginn dës Steiergelder méi spéit bezuelt.

Haerr President,

D'Erhéichung vun dem Spëtzsteiersatz as hei zu Lëtzbueg éischer rare-iwwert déi lescht 25 Joër gekuckt.

Mee Kriis oblige-an nom Motto- *wien méi huet muss och méi bezuelen*- hun mir missten elo 2 moderat Upassungen no uewen iwwert déi leschten 2 Joër machen.

De Spëtzsteiersatz gouf zanter 1990 an denen leschten 20 Joër nämlech kontinuéierlech erofgesat: an zwar ab 1991 vun 56 op 50%, dunn 1998 op 46%, 2001 op 42% respektiv 2002 op 38%.

Mat dem neien Spëtzsteiersatz bleiwt, d'Verdelen vun der Steierlascht tëschen de Privatpersounen weiderhin sozial ofgefiedert.

Breed Schëlleren droen méi.

2,50% vun de Stéit hei am Land bezuelen 37% vun de Steieren-also méi ewéi een Drëttel vun dem gesamten Steieropkommes, 5% vun de Stéit bezuelen ronn 50% vun der Akommes-an Lounsteier. 40% vun de Stéit bezuelen keng Steuer.

Wéi stinn mir dann am internationalen Vergläich?

Bei dem sougenannten Ouvrier moyen eng international Norm fir d'Steierlascht ze prüfen-mat engem Joëresverdingscht zu Lëtzebuerg vun 52.000 USD bestued mat 2 Kanner behaelt no Steieren an Sozialtransferten-wéi Kannergeld, Steuerbonien an Familljenzouwendungen ronn 99% vun sengem Bruttoloun-also Netto an der Taesch.

Den duerchschnëttlechen OCDE Wert läit bei 85% an der europäischer Unioun bei 83%.

Am Verglach zum Ausland läit den neien Spëtzsteiersatz-vun 40% bei 100.000€ Joeresakommes an der Steierklass 1- folgendermoossen: - an der Belsch as den Spëtzsteiersatz 50% bei 35.000€, am Frankräich 41% bei 70.000€, an Däitschland sinn et 45% mee eréischt ab 250.000€, an Italien 43% ab 75.000€ an Irland 41% ab 32.000€.

Mee déi virlescht Tranche vun 39% Steiersatz spillt hei am Land relativ séier an zwar ab ronn 41.800 € versteierbar Joëresakommes.

Haerr President

Eng **zweeten** Moossnahm am Steierpak as d'Eropsetzen vun der Solidaritéitsstéier.

Si geet bei de Privatpersounen vun aktuell 4 op 7% an d'Luucht.

Ab engem versteierbaren Joëresakommes an den Steierklassen 1 an 1a vun 150.000€, respektiv 300.000€ an der Steierklass 2 geet d'Solidaritätssteuer, dann op 9% an d'Luucht.

Dat heescht, dass nëmmen déi Akommestranche déi iwwert 300.000€ erausgeet mat 9 % Solidaritätssteuer belascht as.

Bis deen Montant spillen, fir jiddfereen deen Steieren bezillt, 7%.

Solidaritätssteuer gëtt hei am Land vun den Résidenten an den Nëttrésidenten bezuelt, op dem Akommes wat zu Lëtzebuerg versteiert gëtt.

Eng Solidaritätsteuer vun 7% oder 9% heescht fir den Einzelnen net zousätzlech 7% oder 9% zousätzlech Steuer.

D'Solidaritätssteuer gëtt nämlech nët op dem versteierbaren Akommes berechent, mee op dem Montant vun der Steierschold.

Een, deen sengem Steuerbescheid no keng Steieren muss bezuelen, bezillt och keng Solidaritätssteuer.

Dat as- wéi virdrun schons gesot- bei 40% vun de Stéit zu Lëtzebuerg de Fall.

Mat der Solidaritätssteuer läit den eigentlechen Spätzesteiersatz vun engem Stoot mat engem versteierbaren Joëresakommes vun 300.000€ an méi ab dem 1. Januar 2013 bei 43,6%. Fir all 1.000€ deen een doriwwer verdengt ginn 436€ Steieren un de Staat.

Insgesamt brengt d'Eropsetzen vun der Solidaritätssteuer bei den Privatpersounen e Plus vun ronn 102 Milliounen € pro Steuerjoër.

Dat ass een substantiellen Montant.

Deen explizéiert sech doduerch, dass an méi héichjen Akommestranchen dach zu Lëtzebuerg vill Steieren bezuelt ginn. Wéi gesot, 2,5% vun den Leit bezuelen 37% vum Steieropkommnes.

Ronn 25.000 Steierzueler-meeschtens Stéit déi gemeinsam veranlagt ginn- hun een steierpflichtegt Joëresakommnes vun iwwert 100.000€, ronn 18.000 Stéit een versteierbar Akommnes vun méi ewéi 150.000€, 12.500 Stéit een versteierbar Akommnes vun méi ewéi 200.000€, an 5.750 Stéit een versteierbar Joëresakommnes vun méi ewéi 250.000€.

Iwwert déi lescht 30 Joër gekuckt louch d'Solidaritéitssteuer fir Privatpersounen schons 1984-85 eng Kéier bei 10%, an den 1990er Joëren bis 2009 war se fir Privatpersounen onverännert bei 2,5%, ab 2011 je no Revenu tëschend 4 an 6%, fir elo bei 7 bis 9% je no Akommnes ze leien.

D'Solidaritéitssteuer fléisst dem Gesetz no an de Beschäftigungsfong.

Dem Beschäftigungsfong seng Depënsen sinn an der rezenter Vergangeneet- besonnesch opgrond vun dem steigenden Chomageaux - staenneg an d'Luucht gangen.

**Drëttens.** Solidaritéitssteuer gött och vun de Betriiber bezuelt. Si geet op den 1. Januar 2013 vun haut 5 op 7 % an d'Luucht. Um Niveau vun de Betriiber ass den héchsten Taux deen mir zanter 1975 kennen.

80% vun de Betriiber hei am Land, bezuelen keng Kierperschaftssteuer, demno och keng Solidaritéitssteuer.

D'Eropsetzen vun der Solidaritéitssteuer brengt um Niveau vun de Betriiber e Plus vun 36 Milliounen €.

Och des Suen fléissen an den Beschäftigungsfong.

**Véiertens.** D'Gemengen bezuelen ab 2013 och Solidaritéitssteuer, an zwar 2% vun der Gewerbesteier déi si kréien. Dat ass een Plus vun 12 Milliounen€ fir de Staat.

**Fënneftens.** Och bei der sougenannter Kilometerpauschal-een warmt Eisen an der lëtzebuerger Steuerpolitik gëtt et eng Aennerung.

Déi eischt 4 Kilometer Distanz tëschend Wunnuert an Arbechtsplaz ginn steierlech nët méi an betruecht gezunn.

Dës waren bis elo automatesch am Steuerbarême mat angebaut an sinn och dem zu gudd komm deen zum Beispill an der Stad gewunnt huet an och an der Stad schafft.

Am Kloertext heescht dat, dass d'Fahrtkosten déi een steierlech kann geltend machen an Zukunft ëm 4 mol 99 € - insgesamt 396€-erof gesat ginn. Dës Moosnahm bedeit een Plus un Steuerrecette vun 35 Milliounen € d'Joër.

**Séchstens.** Um Niveau vun den sougenannten dépenses spéciales, den Sonderausgaben gëtt den Montant vun den Scholdzënsen op Konsumkrediter déi een steierlech kann ofsetzen, halbéiert.

Bis elo waren dat 672€ pro Joër pro Persoun an engem Stoot. Ab dem naechsten Joër waerten dat nach 336€ pro Persoun am Stoot sinn. Dës Moosnahm bréngt dem Staatsbudget ronn 7 Milliounen€ d'Joër.

Si spillt ab dem éischten Januar d'naechst Joër, an demno och op lafenden Krediter. Opgrond vun den niddregen Scholdzënsen muss een dës Reduktioun awer an deen richtegen Kontext setzen.

Een Stoot mat 2 Eerwuessen an 2 Kanner kann d'Scholdzënsen vun engem Prêt vun 35.000€ verzënst zu 3,5%, trotz Reduktioun vum Abatement, nach integral vun den Steieren ofsetzen.

De Staatsrot seet an sengem Avis zum Staatsbudget 2013 grad wéi zu dësem Steuerpack, dass een generell sollt all steierlech Abatementen iwwerpréifen op hier Wirkung als Lenkungsinstrument an op d'Auswierkungen op d'Steierrecetten.

Dëst ass effektiv keng onwesentlech Fro.



Niewent den Sozialbeitrэг kënnen besonnesch d'Scholdzënsen op Immobilien, oder fir z.B. een Autokaf, verschidden Assurancen, d'Bauspueren, d'Zousatzversécherungen déi een privat mécht steierlech geltend gemach ginn.

Insgesamt ginn iwwert de Wee vun denen Steierabattermenter an Sonderausgaben ronn 1,3 Milliarden€ pro Joër steierlech begënschtegt.

Mat engem duchschnëttlechen Steuersatz vun 20%, heescht dat fir de Staat een Steierausfall vun ronn 275 Milliounen € pro Joër.

Vun denen Abattermenter profitéiert just deen, deen Steieren bezillt.

As dat versteierlecht Akommes méi héich, as de Steiergewënn och méi héich.

Een deen keng Steieren bezillt, huet näischt dervun. Mee och dee Mann oder déi Fra muss hir Autoshaftpflicht bezuelen?

De Montant vun den Abattermenter as méierendels zanter 1990 nët méi ugepasst ginn. Den finanziellen Impakt fir de Staat geht doduerch natierlech mat der Zäit erof.

Eng generell Evaluatioun vun de verschidden Steierabattermenter-wéi vum Staatsrot proposéiert an iwwregens och an dem Regirungsprogramm ugeduecht- ass demno berechtigt.

Haerr President,

**Siewenten Punkt.** Et interesséiert wuel, wat all déi Steiermoossnahmen dann elo fir deen Einzelnen konkret ab 2013 ausmachen.

Dozou een puer Zuelen.

Bei 35.000€ versteierbar Joeresakommes-dat heescht zum Beispill een Jonggesell mat engem Bruttoloun vun ronn 3.500 € de Mount, mecht dat een Plus vun 259€ un Steieren d'Joër aus an der Steierklass 1.

Bei 50.000€ versteierbar Joeresakommes-dat heescht 5.000€ ronn Bruttoloun de Mount -mecht et een Plus vun 293€ pro Joër an der Steierklass 2-also bei enger Koppel aus.

Bei 100.000€ versteierbar Joeresakommes- 1.042 € an der Steierklass 1-, an 759 an der Steierklass 2.

Bei 150.000€ versteierbar Joeresakommes 2.165€ an der Steierklass 1, respektiv 1.511€ an der Steierklass 2, wou déi 2 Partner schaffen.

Bei 200.000€ mecht et an der Steierklass 2, 2.105€ aus; bei 300.000€ sinn ët 4.351€ méi; an bei 400.000€ versteierbar Joeresakommes vun engem Stoot wou déi 2 Partner schaffen dach schons 6.611€ méi Steieren, ewéi 2012.

Op den Mount verrechent machen all déi Steiermoossnahmen no dem fundéierten Avis vun der Chambre des Salariés ab dem 1. Januar 2013 folgend Aboussen aus: an der Steierklass 2 wou déi 2 Partneren schaffen bei 4.500 € Bruttoakommes de Mount, 28€; bei 8.200€ Bruttoakommes de Mount 82€; bei 16.400€ de Mount 167€.

An der Steierklass 1 ginn ët folgend Aboussen: 11 € de Mount fir den Mindestlounbezéier (1874€); 53€ de Mount bei engem Bruttoakommes vun 4.100€; an 85€ bei engem Bruttoloun vun 8.100 €.

D'Chambre des Salariés zielt dann nach zousaetzlech den Verloscht duerch d'Nëtinflatiounsberengegung vun der Steiertabell derbäi, dat hun ech awer bei dësen Rechenbeispiller ewech gelooss, well gesetzlech d'Inflatiounsberengegung keen Automatismus ass.

Haerr President,

**Aachten Punkt.** Um Niveau vun den Privatpersounen gëtt schliesslech den sougenannten Regime vun den Stock options ab dem 1. Januar 2013 geaennert.

Stock options ass vereinfacht gesot een System wou den Salarié kann Aktien vun senger Entreprise kafen, an der Regel zu engem verbëllegten Präis.

Am Kontext vun der Steiereform 2002 ass dës Bedelegung steierlech begënschtegt ginn.

Dat hun mir demols missten aus internationalen Kompetitivitéitsgrënn machen, well dat och an aneren Laenner de Fall as.

De Sënn vun dëser fiskaler Begënschtegung ass ët den Salarié un seng Entreprise ze bannen.

Dësen System ass awer iwwert d'Joëren –fein gesot- liicht entart.

Sektorweis verfüegen Honnerten vun Salarien vun dësem System-esouguer an Entrepenen wou de Staat Aktionär ass.

Een substantiellen Deel vun de Salarien hierem Akommes gëtt iwwert dës Wee- en fin de compte mat engem Steiersatz vun oft manner ewéi 5% besteiert.

Déi dervun profitéieren sinn bei Leiwien nët déi Aermst.

Ab 2013 ass domat Schluss. Am Sënn vun méi Steiergerechtegkeet gëtt den Regime vun de Stock options elo geännert.

Dat geschitt iwwert de Wee vun enger Circulaire vun dem Steierdirekter, well den Regime 2002 och duerch esou eng Circulaire agefouert gouf.

Mee d'Virgab vum Parlament duerch dësen Gesetzesprojet ass kloer.

Et gëtt een Plus vun 50 Milliounen€ erwart, esou wéi vun der Regierung an dem Exposé des motifs grad ewéi an der Fiche financière vun dem Gesetzesprojet ugefouert.

Dës Upassung vum Regime iwwert Circulaire daerft also nët reng Kosmetik sinn.

**Nengte Punkt.** Eng weider Moossnahm fir néi Stéierrecette ze schafen as d'Verduebelung vun der Mindeststeuer vu 1.500€ d'Joer fir d'SOPARFI, also fir d'Sociétés de participation financière. Ab dem 1. Januar 2013 sinn 3.000€ faelleg.

SOPARFIen sinn Gesellschaften am Finanzberäich-ronn 34.000 un der Zuel- déi hei zu Lëtzebuerg sinn.

Hier Aktivitéit besteet hauptsächlech doran Bedelegungen an aneren Gesellschaften ze hun. An der Regel besteht den Bilan vun dësen Gesellschaften aus méi ewéi 90% Finanzaktiva.

Bedingt duerch een favorabelen Besteuerungssystem- bezuelen dës SOPARFIen éischter wéineg Steiere.

Si schafen awer op der Finanzplaz, direkt oder indirekt muench Aarbechtsplaz.

De Prinzip vun der Mindestbesteierung op den SOPARFlen gouf virun 2 Joër agefouert. Den Montant gëtt elo verduebelt. Mee domat net genuch.

Och aner Gesellschaften dat keng SOPARFlen sinn mussen an Zukunft eng Mindeststeuer bezuelen. Betreff vun dëser Mossnahm sinn nët manner wéi 37.000 Betrieber.

De Montant vun der Mindeststeuer geht vun 500.-€ d'Joër bis zu 20.000€. De Montant geht am Verhaeltnis zu der Bilanzsomm an d'Luucht. 500€ sinn ze bezuelen bis zu enger Bilanzsomm vun 350.000€, 5.000€ bis zu enger Bilanzsomm vun 10 Milliounen€, 15.000€ bis zu enger Bilanzsomm vun 15.000€ an 20.000€ wann d'Bilanzsomm iwwert 20 Milliounen € eraus geht.

D'Verduebelung vun der SOPARFIssteuer an d'Affeieren vun enger Mindeststeuer op allen aneren Gesellschaften brengt 100 Milliounen€ méi Kierperschaftssteuer pro Joër.

Dës Mindeststeuer, ass wéi hieren Numm ët seet, een Minimum vun Steuer deen ze bezuelen ass. Si kann demno nët op d'Verméigenssteuer imputéiert ginn.

Vun dëser Mindeststeuer kënnen och keng Steuerbonifikatiounen ofgezunn ginn-zum Beispill wann een Betrieb Investissementer mécht oder Chomeuren astellt, respektiv eng Steuerbonifikatioun kritt fir Fraisen vun Beruffsausbildung vun hieren Matarbechter ofzedecken.

Enzeg Ausnahmen ass déi, wann d'Mindeststeuer iwwert déi effektiv Kierperschaftssteuer déi dem Tarif no geschëllt wier erausgeht. Den Iwwerschoss kann dann op déi naechsten Joëren als Avance reportéiert ginn.

Eng weider Limitatioun ass och déi bei enger sougenannter Organschaft enger intégration fiscale. Well d'Mammengesellschaft direkt oder indirekt Filialen kontrolléiert-andem se méi wéi 99% vum Kapital haelt gëtt dës Konsolidierung prinzipiell steierlech begënschtegt. Dat waert och am Fall vun der Mindeststeuer de Fall sinn.

Bei der Mammengesellschaft grad wéi bei all Filial gëtt d'Mindeststeuer opgehuewen- mee bis zu engem Plafong vun 20.000€.

Dëst ass vereinfacht erkläert den Prinzip vun der Mindeststeuer esou wéi en definitiv vun der Finanzkommissioun zréckbehal gouf. Mindeststeuer ass an engem gewëssenen Sënn een Paradigmenwiessel.

Dofir hat den Staatsrot eng Reih vun verfassungsrechtliche Bedenken géintwärt dem urspruenglechen Regierungstext. Den Staatsrot huet op enger Reih Punkten opgeléist dass deen Text géint international Duebelbesteierungsofkommes an EU Recht verstouss huet an dofir och 3 oppositions formelles gemacht.

D'Finanzkommissioun huet d'Textemaennerungen wéi vum Staatsrot proposéiert eent zu eent ugeholl.

Mat der definitiver Fassung vun der Mindeststeuer machen mir keen Cavalier seul zu Lëtzebuerg.

Mir orientéieren eis un der eisträichescher Gesetzgebung- mee den Montant vun der Mindeststeuer zu Lëtzebuerg ass méi héich. Am Géigesatz zu Eisträich bezuelen hei am Land d'Entreprises och nach Verméigenssteuer.

Déi definitiv Fassung vun der Mindeststeuer esou wéi se zur Ofstëmmung virläit- ass objektiv gekuckt verkräftbar.

Et ass een Equiliber tëschend méi Steierrecette-méi Steiergerechtegkeet-an engem weiderhin kompetitiven Betriebssteierssystem zu Lëtzebuerg.

Eng Gesellschaft, déi een Verméigen vun iwwert 20 Milliounen€ an hierem Bilan stoen huet misst -oder villméi muss- an Zukunft och bereed sinn 1 Promill –also een Dausenstel-dovunner als Steier ze bezuelen.

An dem Sënn vun der Previsibilitéit vun eiser Betriebssteuerlandschaft –een wichtegt Element vun eiser Kompetitivitéit-bleiw den Prinzip an de Berechnungsmodus vun der Verméigenssteuer op den Betreiber esou bestoen wéi en zanter 2002 gudd funktionnéiert.

D'Regierung hat eng technesch Adaptatioun an dem urspruenglechen Gesetzestext virgesinn.

Opgrond vun dem Staatsrot sengem Avis huet d'Finanzkommissioun den Textvorschlag vun dem Conseil d'Etat och op dem Punkt iwwerholl. Et bleiw demno bei dem alen System.

Domadder ass weiderhin sécher gestallt, dass Betrieber déi hier Eegemëttel konsequent steigere an iwwert deen Wee hier Investissemter assuréieren, steierlech nët benodelegt sinn.

**10ten Punkt.** D'Steierbonificatioun fir Investissemter – dat heescht den faméisen Artikel 152bis vun eisem Steiergesetz – gëtt ofgeaennert.

Genee gesoot, geht den Taux de bonification op dem sougenannten Investissement global- vun elo 3% op 2% erof. D'Bonificatioun fir Investissement global dat ass déi Bonificatioun déi een Betrieb kritt wann en iwwerhaupt investéiert.

Beim Investissement complémentaire geht den Taux vun der Steierbonifikatioun vun 13% op 12% erof. Den Investissement complémentaire -ass vereinfacht gesot- dat wat een investéiert an iwwert d' Amortissementer also d'Ofschreiwungen erausgeht.

Den System gëtt also liicht manner favorabel. Dat bréngt zousätzlech Steierrechten vun 20 Milliounen.

**11ten Punkt** Enn 2006 war et d' Reform vun der Autossteuer.

D'Autossteuer bréngt 2012 dem Staat geschätzt 67 Milliounen €. Dat ass eppes méi wéi dat Dubelt vum Joer 2006, also dem Joer virun der Reform.

Laengerfristeg daerft d'Recette un der Autossteuer erëm erof goen.

Firwat? Mee eisen Automobilierspark erneiert sech schnell. D'Leit kafen zu Lëtzebuerg méi oft een neien Auto wéi am Ausland.

Déi nei Autoen hunn reduzéiert CO2 Emissiounen-wat gudd ass.

Et kënn derbäi, dass de Moment op ronn 25.000 Autoen manner wéi 50€ Autossteuer pro Joer ze bezuelen ass. Weider 91.000 Dieselautoen wou d'Autossteuer zwar méi wéi 50 € d'Joer ass, kréien eng Ermaessigung vun 50€ well se een Partikelfilter hunn.

Mee all Dieselauto muss hei am Land een Partikelfilter hunn well en soss zu Sandweiler guer net ugemellt gëtt.

Elo gëtt dës Partikelfiltersubventioun gestrich, an eng Mindesttax op all Auto vun 30 € afgefouert. Dat bréngt een Plus vun ronn 6 Milliounen€ pro Joer un Steierrechten.

**12ten Punkt.** Den Artikel 125 aus eisem Steiergesetz gëtt ofgeschafft. Dës Bestëmmung betrëfft d'Inflationsberengung vun der Steiertabell. Wann den Konsumindex em méi ewéi 3,5% waehrend engem Joer an d'Luucht geht, misst d'Regierung een Gesetzesprojet deposéieren fir d'Steiertabell dementspreechend nei auszerichten. Et ass also keng automatesch Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun.

Et ass dem Text no nëmmen eng Verpflichtung fir d'Regierung eng Propose ze machen, déi dann vun der Chamber ugeholl oder ofgelehnt gëtt. Aus budgetären Grënn gëtt dësen Artikel elo gestrach.

**13ten Punkt.** D'Volkszählung, oder besser gesot de recensement fiscal gëtt ofgeschafft. Déi entspriechend Artikelen ginn aus der Abgabenordnung gestrach. Dat ass keen Fehler kommen déi Bestëmmunegn dach aus enger fir eist Land däischterer Zäit.

Fir dat ze verdäitlechen ginn ech iech Lecture vun nëmmen engem Paragraph deen wéi gesot ofgeschafft gëtt: *Die Personenstandsaufnahme erstreckt sich nicht auf diejenigen Angehörigen der Armee und der Polizei- Text original „ Wehrmacht, der Schutzpolizei und des Arbeitsdienstes“ -die in Mannschaftsräumen militärischer oder polizeilicher Dienstgebäude oder Kriegsfahrzeugen untergebracht sind und kein andere Wohnung haben“*

D'Steierkaarten ginn ab 2013 direkt vun der Steierverwaltung erstellt. Fir d'Gemengen bedeit dat eng Arbechtsan Kaeschtenentlaschtung. Fir d'Steierverwaltung awer een Plus un Arbechtsopwand.

**14ten Punkt** De Gesetzesprojet gesäit um Niveau vun der TVA eng Aennerung um sougenannten *Régime de Franchise* vir.

An Zukunft kënnen Steierpflichteger déi een Chiffre d'affaires vun manner ewéi 25.000€ d'Joër hunn eng vereinfacht TVAsdeklaratioun machen, respektiv kënnen si vun der Pflicht eng Deklaratioun ze machen ganz entbonnen ginn. Si daerfen natierlech dann och keng TVA verrechnen an müssen dat op der Rechnung preziséieren.

Bis elo louch den Plafong fir de Régime de franchise bei 10.000€. Aus Grënn vun administrativer Vereinfachung gëtt de Plafong elo op 25.000€ an d'Luucht gesat. Dovunner profitéieren hauptsächlech ronn 3.200 kleng Entreprises. Den Steierausfall ass dobäi minime.

**15ten Punkt** Eng technesch Upassung gëtt et um Niveau vun dem Steierkredit fir de sougenannten „bëllegen Akt“. Leit déi am sougenannten Espace économique européen wunnen, dat heescht d'europäisch Unioun plus Island, Norwegen an Lichstenstein kënnen an Zukunft och vun dem bëllegen Akt



profitéieren wann se zu Lëtzebuerg eng Wunneng kafen an, dat ass nei, schons um Moment wou den Kafakt ënnerschriwwen gëtt.

Bis elo kruten Leit déi nët am Land Resident waren, d'Enregistrementskaeschten eléischt op hier Demande erëm, wann se effektiv den Immeubel bewunnt haten.

Mir müssen dës Upassung machen, fir nët eng Diskriminatioun vun Bréissel op d'Box ze kréien. Si ass kaeschtenneutral.

**16ten an leschten Punkt** ass schliesslech deem, dass déi steierlech Vergënschtegung vun dem superreduzéierten TVASatz vun 3% beim Bau oder Renovéierung vun Wunnengen bis een maximalen Plafong vun elo nach 50.000€ nach spillt.

An de Joëren 2009 bis 2012 waren dat 60.000€. Demno ass de Plafong em 10.000€ erof gangen.

Konkret heescht dat, dass bei engem Hausbau an Zukunft nach bis zu engem Präis vun ronn 420.000€, den niddregen Taux vun 3% TVA applizéiert gëtt. Bis elo war dat bis zu engem Präis vun ronn 500.000€.

Dës Aennerung geschitt awer iwwert den Wee vun engem Règlement grand-ducal.

Haerr President,

Dat sinn, zum Deel méi praktesch erklært, déi Haaptmoossnahmen vun dem Steierpak, esou wéi se der Chamber elo zum Vote virleien.

Si sollen den 1. Januar 2013 a Kraft trieden, mat Ausnahm vun den Emaennerungen op der Autossteuer ab dem 1ten Februar 2013.

Ech verweisen fir de Rescht op mäin schrëftlechen Rapport deem d' Finanzkommissioun majoritär de leschten Freideg ugeholl huet.

Ech soen Merci fir d'Nolauschteren.